N°317
Entrée le 09.02.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.02.2024
Chambre des Députés

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Februar 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

De 6. Februar huet dat däitsch Magasinn "Der Spiegel" geschriwwen, datt d'EU-Parlament am Kader vun der Fürerschäinsreform d'Fuerderung erhieft, datt een d'Fuererlabnis mat dem Verloscht an engem eenzele Memberstaat zukünfteg automatesch um ganzen Terrain vun der Unioun soll entzu kréien, souguer am Staat, deen se ausgestallt huet. Dat kann zum Beispill de Fall sinn, wann een de Summer iergendwou an d'Vakanz fiert, an an den allermeeschte Fäll warscheinlech onbewosst, géint de Code de Route vum Gaascht- oder Transitland verstéisst. Och bis ewell scho kënnen déi Länner en territoriale Fuerverbuet ausschwätzen.

Falls de Lëtzebuerger Staat en nationale Fürerschäin anzitt, kann de betraffene Bierger bis ewell ausserdeem eng Ausnam fir den Trajet professionnel ufroen. Bierger, déi hir national Verkéiersreglementer als ze vill restriktiv empfannen, kënnen ausserdeem an der Reegel iwwert de Wee vun der demokratescher Participatioun Afloss ob déi entspriechend Gesetzer huelen.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Madamm Minister hir Positioun zu dësem Virstouss, deen eng uerg Verletzung vum Territorialitéitsprinzip an der nationaler Souveränitéit géif duerstellen, elaboréieren?
2) Kann d'Madamm Minister matdeelen, ob an de Verhandlungen déi am Kader vun der Fürerschäinsreform bis ewell zu Bréissel zu deem uewen elaboréierten Thema gefouert goufen, och Ausname fir de Beruffswee diskutéiert goufen? Wéi eng Conclusioune goufe bis ewell zeréckbehalen?
3) Kann d'Madamm Minister garantéieren, datt si kenger entspriechender Reform vum EU-Fürerschäi wäert zoustëmmen, ier EU-wäit en identesche Code de la Route géif ugeholl ginn, fir ze verhënneren, datt Leit duerch en onbewosst Feelverhalen an der Vakanz, duerno riskéiere mam Fürerschäin och hir sozial Existenz ze verléieren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten